
# Déi fréier Dagebaugebidder am Minett -

## Op wat passen ech op?

*Les anciens sites miniers de la Minette -*
*A quoi faire attention*



**Naturschutzgebidder:**
*Réserves naturelles :*

Brucherbierg-Lalléngerbierg / Ellergronn / Léiffrächen
Kiemerchen-Scheiergronn-Groussebësch
Prënzebierg / Haard-Hesselsbierg-Staebierg

# Natur am Minett
# *La nature dans la Minette*

## D'Natur an deene fréieren Dagebaugebidder ass eenzegaarteg. Hei liewe vill charakteristesch an deelweis ganz rar Déieren a Planzen.

Beschléierchen, Bampiipsert, Gaarderoutschwanz, Uhu, Spiechten a vill aner Vullen

80 Dages- an 870 Nuetspäiperlécken, 400 wëll Beien an Harespelen, Gottesanbeterin

Mauereidechs, Zauneidechs, Schlingnatter, Blannschlécher

knapp 30 Orchideeën Aarten

## *La nature des anciens sites miniers est unique. Une multitude d'animaux et de plantes caractéristiques et en partie très rares y vivent.*

*Alouette lulu, Pipit des arbres, Rougequeue à front blanc, Grand-Duc d'Europe, pics et plein d'autres oiseaux*

*80 papillons de jour, 870 papillons de nuit, 400 abeilles et guêpes sauvages, Mante religieuse*

*Lézard des murailles, Lézard des souches, Coronelle lisse, Orvet*

*presque 30 espèces d'orchidées*

Dofir sinn dës Gebidder zum groussen Deel als **Naturschutzgebitt** klasséiert ginn.

*C'est pourquoi ces sites ont été classés en grande partie comme* ***réserves naturelles****.*

| Naturschutzgebitt<br>*Réserve naturelle* | Joer<br>*Année* | Gréisst<br>*Taille (ha)* | Gemengen<br>*Communes* |
|---|---|---|---|
| **Prënzebierg - Giele Botter** | 1991 | 255 | Differdange, Pétange |
| **Kiemerchen-Scheier-gronn-Groussebësch** | 2020 | 392 | Differdange, Sanem |
| **Ellergronn** | 1988 | 110 | Esch-sur-Alzette |
| **Brucherbierg-Lalléngerbierg** | 2016 | 267 | Schifflange, Kayl-Tétange, Esch-sur-Alzette |
| **Léiffrächen** | 2019 | 306 | Kayl-Tétange, Rumelange |
| **Haard-Hesselsbierg-Staebierg** | 1994 | 594 | Dudelange, Kayl-Tétange, Rumelange |

Du bass wëllkomm dech hei ze erhuelen an d'Natur ze erliewen. **Hal dech awer wann ech gelift un e puer einfach Regelen.**

*Tu es le (la) bienvenu(e) de te détendre ici et de découvrir la nature.* ***Mais respecte s'il te plaît quelques consignes simples.***



Hënn

*Chiens*

1/03-30/09



Du gees spazéieren an häls däin Hond tëscht dem 1/03 an 30/09 un der Léngt?

**Dann hëllefs du mat, déi Vullen déi dann um Buedem bréien, ze schützen. Sie soen Dir Merci!**

*Tu te promènes avec ton chien et tu le tiens en laisse entre le 1/03 et le 30/09 ?*

*Tu contribues à la protection des oiseaux qui nichent alors au sol. Ils te remercient !*

Déi fréier Dagebaugebidder am Minett sinn zu Lëtzebuerg wichteg Liewensraim fir sou rar Vullen wéi d'Bëschléierchen (DE: Heidelerche).
Sie bauen hier Näschter um Buedem a Landschafte mat dréchene Wisen an eenzele Beem a Straich.
Hei brauche sie Rou fir hir Jonk ongestéiert opzezéien.

Ausserdem ginn dës Flächen deelweis vu Schof a Geesse beweet.

**Dowéinst mussen d'Hënn hei tëscht dem 1/03 an dem 30/09 un der Léngt gehale ginn!**

*Les anciens sites miniers de la Minette constituent au Luxembourg des habitats importants pour des oiseaux nicheurs au sol rares, tels que l'Alouette lulu.*
*Ils construisent leurs nids sur le sol dans des paysages avec pelouses sèches, arbustes et arbres isolés. Ici ils ont besoin de beaucoup de quiétude pour élever leurs oisillons.*

*De plus ces surfaces sont pâturées en partie par des moutons et des chèvres.*

***C'est pourquoi les chiens doivent être maintenus en laisse entre le 1/03 et le 30/09 !***



# Weeër
## *Chemins*




Du bass ënnerwee zu Fouss oder mam Mountainbike a bleifs op deenen dofir ausgeschëlderte Weeër?
**Merci! Well da beschiedegs du weder Orchideeën, nach aner rar Planzen an Déieren. Du stéiers och keng Vullen déi um Buedem hir Jonk opzéien!**


*Tu fais un tour à pied ou en VTT et tu restes sur les chemins balisés ?*
*Merci ! Car tu n’écrases ni orchidées, ni autres plantes et animaux rares. Et tu ne déranges pas non plus les oiseaux nicheurs au sol !*

Déi fréier Dagebaugebidder am Minett charakteriséieren sech duerch, fir Lëtzebuerg, eenzegaarteg dréche Wisen déi ville raren Déieren a Planze Liewensraum bidden.
Fir sie nët ze beschiedegen oder ze stéieren **muss een dat ganzt Joer iwwer op deenen extra dofir ausgeschëlderte Weeër bleiwen.**

*Les anciens sites miniers de la Minette se caractérisent par leurs pelouses sèches uniques au Luxembourg. Celles-ci constituent des habitats pour une multitude de plantes et d'animaux rares. Afin de ne pas les détruire ou perturber,* ***il faut rester toute l'année sur les chemins spécialement balisés à cet effet.***



# Offäll
## *Déchets*



Du genéiss e flotte Moment dobaussen an der Natur an hëls deng eidel Fläsch duerno rëm mat heem?
**Gutt esou, well domadder dréis du dozou bäi eis schéin Naturschutz-gebidder propper ze halen!**

*Tu passes un bon moment dehors dans la nature et tu rapportes ta bouteille vide après à la maison ?*
*Bien, parce que tu contribues ainsi à la propreté de nos belles réserves naturelles.*

Déi fréier Dagebaugebidder am Minett bidden eng fir Lëtzebuerg eemoleg a spektakulär schéin Landschaft mat roude Fielsen, jonke Bëscher a dréchene Wise voller Bléien.

**Plastik, Béchsen, Fläschen an aneren Dreck hunn hei näischt verluer.** Huel däin Offall mat heem an hal dës flott Regioun propper.

*Les anciens sites miniers de la Minette hébergent des paysages spectaculaires et uniques au Luxembourg, avec de la roche rouge, des jeunes forêts et des pelouses sèches remplies de fleurs.*

***Plastique, cannettes, bouteilles et autres déchets n'y appartiennent pas.*** *Ramène tes déchets à la maison et maintiens cette belle région propre.*



# Feierplazen an Zelten
## *Feux de camp et camping*



Du verbréngs gär e gemittlechen Owend an der Natur ronderëm e Lagerfeier?

**OK, awer wann ech gelift net am Naturschutzgebitt. Lagerfeier sinn hei verbueden. Zelten dierf ee just um Camping.**

*Tu aimes passer une soirée relaxe dans la nature autour d'un feu de camp ?*

*OK, mais pas dans la réserve naturelle, s'il te plaît. Les feux de camp y sont interdits. Camper est seulement autorisé sur les campings.*

Leider sinn dës Feierplazen dacks vun Dréck a Kaméidi begleet. An ëmmer méi Feierplaze komme mat der Zäit dobäi. Doduerch gi vill Planzen an Déiere gestéiert an hire Liewensraum gëtt zerstéiert. Besonnech op den Dréchewisen besteet am Summer eng héich Brandgefor. Dofir sinn dës Aktivitéiten am Naturschutzgebitt verbueden.


**Wann ech gelift benotz eng vun deenen markéierte Lagerfeier- a Grillplazen, déi ausserhalb vun den Naturschutzgebidder leien.**

*Malheureusement les emplacements de feux de camp sont souvent accompagnés de déchets et de bruit et se multiplient peu à peu. Pour beaucoup d'animaux et de plantes ceci constitue des perturbations ou des destructions de leurs habitats.*
*En plus, le risque d'incendie est particulièrement haut sur les pelouses sèches en été. C'est pourquoi ces activités sont interdites dans les réserves naturelles.*

***Utilise, s'il te plaît, une des places de feux de camp ou de barbecue officielles situées hors des réserves naturelles.***



# Wanderbeweedung
## *Pâturage itinérant*



Du begéins engem Hiert mat sengen Hënn an enger grousser Häerd Schof a Geessen?

**Flott, da kuck deem Spektakel entspaant no a maach e puer Fotoen. Dat gesäit een soss net méi oft hei zu Lëtzebuerg.**

*Tu rencontres un berger avec ses chiens et un grand troupeau de moutons et de chèvres ?*

*Super, alors observe bien ce spectacle et prends quelques photos. En effet le pâturage itinérant est devenu assez rare ici au Luxembourg.*

Tëschent Mee an Dezember ginn déi dréche Wisen an de fréieren Dagebaugebidder vun enger Wanderhäerd mat 300 Schof a Geesse beweet. Sie verhënneren datt dës Fläche lues a lues mat Hecken a Beem zouwuessen an erhale sou dee groussen Aarteräichtum.

Leider kënnt et ëmmer rëm zu Problemer mat Hënn déi d'Häerd ugräifen oder verschäichen.

**Fir datt d'Schof an d'Geessen net onnéideg gestresst ginn hëls du däin Hond och no dem 30/09 an d'Léngt wanns du hinne begéins.**

*Entre mai et décembre les pelouses sèches des anciens sites miniers sont pâturées en itinérance par un troupeau de 300 moutons et de chèvres. Le pâturage empêche que ces surfaces se recouvrent peu à peu de broussailles et d'arbres et maintient ainsi l'importante diversité d'espèces.*

*Malheureusement on rencontre régulièrement des problèmes avec des chiens qui s'attaquent au troupeau ou le dispersent.*

***Afin d'éviter tout stresse inutile pour les moutons et les chèvres, tu prends ton chien en laisse, même après le 30/09, quand tu les rencontres.***



# Naturaarbechten
## *Chantiers nature*

Dir stellt fest datt an de Naturschutzgebidder am Hierscht a Wanter mat Motorsee, Trakter a Mini-Bagger geschafft gëtt? Beem a Gehecks ginn ewechgeholl a Buedem gëtt ofgedroen?

**Hei handelt et sech ëm Aarbechten déi am Sënn vu Biotop- an Arteschutz ëmgesat ginn.**

*Tu remarques que des travaux sont effectués avec tronçonneuse, tracteur et mini-pelle en automne et en hiver dans les réserves naturelles ? Des arbres et des broussailles sont coupés et le sol est décapé ?*

*Il s'agit de travaux qui sont effectués en faveur de la protection des biotopes et des espèces ciblés.*

Nom Eisenerzofbau am Minett huet d'Natur sech dës Flächen rëm selwer zeréckerobert. Dobäi sinn aarteräich Liewensräim entstanen, déi eenzegarteg zu Lëtzebuerg sinn. Wann dës Flächen net periodesch ënnerhale ginn, dann entsteet hei erëm e Bësch an dee speziellen Aarteräichtum geet verluer. Dofir sinn dës Agrëff néideg. **Wat also am Ufank no Zerstéierung ausgesäit, entwéckelt sech no an no zu Wise voller Bléien an Insekten.**

*Après l'exploitation du minerai de fer, la nature a repris ses droits sur ces surfaces. Des habitats riches en espèces, uniques au Luxembourg, se sont développés. Si ces surfaces ne sont pas entretenues périodiquement, une forêt s'y installera et cette biodiversité caractéristique sera perdue. C'est pourquoi cette gestion est nécessaire.* ***Ce qui ressemble donc au début à une destruction, se développera rapidement en prairies remplies de fleurs et d'insectes.***



Mir soen dir Merci fir däi Verständnis an déng Mataarbecht

*Merci pour ta compréhension et ta coopération*

**Comité de Pilotage Natura 2000 „Anciens sites miniers" :**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la nature et des forêts

NATURA 2000

HUMAN MADE 2020

DIDDELENG

KÄLTÉITENG

STAD RËMELENG

GEMENG SCHËFFLENG

ESCH
ma ville, ma vie

GEMENG SUESSEM

Ville de Differdange

pétange

REDROCKREGION
Experience diversity

ArcelorMittal

natur&ëmwelt

Fir méi détailléiert Informatiounen:
*Pour des informations plus détaillées :*

**Contact :**

Gestionnaire Natura 2000 Minett
ANF-Arrondissement Sud
Tél : 24756-781; 621 202 194
email : natura2000minett@anf.etat.lu

/COPILnatura2000Minett